# Kultur am Klouschtergaart

**4 juillet - 27 juillet**

**2024**

Jardin du monastère de Peppange
Rue de Crauthem

RÉISERBANN d'Réiser Gemeng

Organisée par la Commune de Roeser en collaboration avec la Commission culturelle communale

**Entrée gratuite**

**Entrée gratuite à tous les événements - Aucune inscription requise, sauf indication contraire.**

Un don est toutefois le bienvenu. Une boîte de collecte sera installée et l'argent sera versé à une ONG humanitaire.

Les événements ont lieu sous un chapiteau et peuvent se dérouler même en cas de mauvais temps.

Pour se rendre facilement et confortablement à Peppange, il est recommandé aux visiteurs de profiter des lignes RGTR 511 et 512. Les arrêts de bus « Peppange, Duerfplaz » et « Peppange, Musée » se trouvent à proximité immédiate.

**Infos :** Tél. : 36 92 32 2210 - Email : relationspubliques@roeser.lu

---

de Jeudi **04.07.**
à Samedi **31.08.**
toute la journée

## Exposition biennale de l'Art à l'École



D'Kanner, d'Enseignanten an den nationale Comité vun der Asbl Art à l'École invitéieren op d'Ausstellung vun hire Kreatiounen zum Thema "Am Gaart".

Kommt an entdeckt d'Ausstellung am flotte Kader vum Klouschtergaart zu Peppeng.

D'Ateliere vum Art à l'École aus follgende Gemenge maache mat: Beaufort, Diekirch, Differdange, Dudelange, Ettelbruck, Hesperange, Luxembourg (Bonnevoie, Cessange, Gasperich), Mamer, Mersch, Mondercange, Steinsel, Roeser, Wasserbillig.


---

Jeudi **04.07.**
17:00

**Dauer:** 1 Stonn – **Alter:** Kanner vun 3 bis 8 Joer an hir Elteren oder Grousselteren – **Sprooch:** Lëtzebuergesch

## Kolja a Galina, wa Kuebe reesen

*Musikalesche Maskentheater mam Dany Gales*



Et ass di witzeg Geschicht vun den zwee Kueben, Kolja a Galina, deenen et am Wanter ze kal ass, an déi sech op d'Rees man...

Ënnerwee begéine si villen Déieren a froen déi, wat si am Wanter man, fir net ze fréieren. Di zwee Kuebe kréien allerhand Äntwerten!
Loosst Iech iwwerraschen a kommt mat hinnen op d'Rees ...

D'Kanner kënne matmaache bei dësem musikalesche Maskentheater.

D'Geschicht vum flotte Kuebespektakel gëtt gespillt a gesonge vum Dany Gales, der Autorin vun dësem spezielle Kannerbuch.

---

Jeudi **04.07.**
19:00 - 21:00

FOOD TRUCK

## Krunnemécken

*Concert*



D'Krunnemécke sinn zwee lëschteg Panzpianisten, déi sech selwer als Stroossemuseker verstinn. Si sinn op ville Volleksfester uechter d'Ländchen ënnerwee a ginn hir lëtzebuerger Lidder tëscht a mat de Leit zum Beschten.

Um Programm stinn nieft bekannte Klassiker aus dem lëtzebuerger Lidderrepertoire och e puer méi rar Pärelen. Kommt, lauschtert a sangt mat den zwou Krunnemécken Claus Ben an Eric Falchero.

---

Samedi **06.07.**
17:30

**Dauer:** 2x45 Minutten – www.saxitude.com

## Saxitude

*Concert*



De Saxophonquartett SAXITUDE, dee säin 20-jähregt Bestoe feiert, huet bei iwwer 1000 Concerte weltwäit d'Masse begeeschtert. Daucht an an eng onvergiesslech musikalesch Rees, bei där déi faszinant Kläng vun de Saxophone verschmëlzen, fir en eenzegaartegt Erliefnis ze schafen. Vum iwwerschaffte Pop- an Jazzrepertoire bis hin zu kéngen Originalkompositioune versprécht SAXITUDE e magesche Concert, dee vu Virtuositéit an Emotion gepräägt ass. Zwee Joerzéngte musikalisch Leidenschaft mam Publikum.

Robi Arend sax tenor, Joël Metz sax alto, Julien Cuvelier sax alto, Gregory Ney sax baryton

---

Mardi **09.07.**
17:00 - 18:30

**Dauer:** 90 Minutte mat enger klenger Paus dertëscht – **Alter:** Fir Kanner vun all Alter

## Musekszirkus

*mam Catherine Hengesch a Jenny Spielmann*



Wëllkomm am Musekszirkus. Spillen, Danzen, Sangen, Musizéieren, Jongléieren a villes méi.
Komm an entdeck mam Jenny a Catherine de Musekszirkus!

---

Mardi **09.07.**
19:30

**Dauer:** 70 Minutten

## Lët'z Druddel

*Litteraresche Cabaret mam Marc Weydert*




Den Diplompädagog a Musiker Marc Weydert geet mat senger kabarettistescher Liesung fir Erwuessener op den Tour. An enger décker Stonn presentéiert hie seng Texter, op Lëtzebuergesch, a Versform, a Verbindung mat bekannte Wierker aus der Literatur, awer och mat der Aktualitéit an der Gesellschaft, dat Ganzt mat engem staark ironeschen Ënnertoun.

Am Programm 2024 geet et ëm d'Aktualitéit, awer och ëm divers Klischeeën. De Renert ass mat derbäi, d'Lëtzebuergeschkenntnisser vum Public ginn op d'Prouf gestallt an eng méiglech Suite vun der Maus Ketti däerf och net feelen. An de Roude Léiw, deen huet eng fatzeg Deprimm a werft d'Handduch um grousherzoglechen Haff.

A sengen Texter spillt de Marc Weydert mat der Lëtzebuerger Sprooch, kroomt och alt emol e puer méi al Ausdréck ervir a suergt esou fir lëschteg 70 Minutte voll mat Humor an Ironie.

---

Jeudi **11.07.**
17:00

**Dauer:** 45-50 Minutten – **Alter:** 5-99 Joer – www.jonnhappi.lu

## Jonn Happi – Spektakel Hi Ha Hi

*Modernen Zauberzirkus*




An dëser interaktiver Show gëtt vill gegeckst, kleng a grouss verzaubert, gelaacht a gestaunt. Mat vill Witz a Leidenschaft begeeschtert den Jonn Happi säi jonke Publikum. Ma och déi Erwuesse kommen duerch seng ironesch an net ëmmer politesch korrekt Aart a Weis op hir Käschten. Festlech Stëmmung steet hei um Programm.

---

Jeudi **11.07.**
18:00 - 22:00

BBQ

## Loungy Ibiza Vibes

*Afterwork mat DJ*



Genéisst e gemittlechen Afterwork-Event an der idyllischer Kuliss vum Klouschtergaart. Loosst de Stress vum Alldag fir e puer Stonnen hannert Iech an enger entspaanter Atmosphär mat gudder Musek a flotte Gespréicher. Eisen DJ suergt mat sengem Musekmix fir déi richteg Stëmmung.

Lundi
**15.07.**
19:00

## Café de Babel

*Staminet*



**Kommt eng friem Sprooch üben**

Fir d'Editioun vum Juli kënnt de Café de Babel an de Klouschtergaart!

De Café de Babel ass e Rendez-vous fir jiddereen dee wëll eng friem Sprooch üben, an dat an engem informelle Kader begleet vun engem Patt.

D'Haaptzil vum Café de Babel ass also d'Praktizéiere vu Sproochen. Den Numm "Café" kënnt dohier, dass den Opbau vun engem Café mat verschiddenen Dëscher nogestallt gëtt an een d'Méiglechkeet huet, e Patt ze drénken.
Am Café de Babel gëtt op all Dësch eng aner spezifesch Sprooch geléiert.

Zu Réiser kënnt Dir 7 Sprooche praktizéieren: lëtzebuergesch, franséisch, däitsch, englesch, portugisesch, italienesch a spuenesch.

Mercredi
**17.07.**
18:00 - 22:00
FOOD TRUCK

## 80^er^, 90^er^ an 2000^er^

*Afterwork mam DJ Ziano*

DJ ZIANO

Genéisst e gemittlechen Afterwork-Event an der idyllescher Kuliss vum Klouschtergaart.
Loosst de Stress vum Alldag fir e puer Stonnen hannert Iech an enger entspaanter Atmosphär mat gudder Musek a flotte Gespréicher. Den DJ Ziano suergt mat sengem Musekmix fir déi richteg Stëmmung.

Jeudi
**18.07.**
17:00

**Dauer:** 35 Minutten – **Alter:** 5-99 – **Sprooch:** Lëtzebuergesch

## D'Maus Kätti, Auguste Liesch

*Spektakel vun Toile Si-Re,*
*mam Annick Sinner an Nadine Kauffmann*



D'Maus Kätti sëtzt bei hirem Lach
zu Biermereng am Feld;
„Wéi schéin, denkt se, ass d'Liewen dach,
wéi gutt ass `t op der Welt."

Wie kennt se net, dës Ufankszeilen aus dem Auguste Liesch senger beléifter Maus Kätti, der Kusinn Mim aus Clausen am dem léiwe Metti? Dëst éischt Wierk vum Auteur gëtt 1936 verëffentlecht an entwéckelt sech schnell zu engem echte lëtzebuerger Klassiker fir Grouss a Kleng. Mat vill Fangerspëtzegefill geléngt et dem Auguste Liesch déi berüümte Fabel vum Aesop vun der Land- an der Stadmaus an ee lëtzebuerger Kontext ze setzen.

Unhand vu musikaleschem Figurentheater setzen d'Annick Sinner an d'Nadine Kauffmann sech op hir eegen an originell Aart a Weis mam Auguste Liesch sengem Wierk a sengem Thema „Wat mécht mech a mengem Ënnersten wierklech frou a wou gehéieren ech hin" ausenaner.

Handpoppen, Accessoiren, Bühn, d'Kusinn Mim: Annick Sinner
Musek (Kompositioun a Spill, Saxophon Sopran), d'Maus Kätti: Nadine Kauffmann
Mise en scène a Luuchtekreatioun: Martine Conzemius
Photokredit: Annick Henricy
Kostümer: Toile Si-Re
Produktion: Toile Si-Re a.s.b.l. op Commande vum Ministère de la Culture

Jeudi
**18.07.**
19:00 - 21:00

**Sprooch:** Lëtzebuergesch

## Quiz mam Klot

*E Quiz fir d'ganz Famill mam Klot Kieffer*

QUIZ MAM KLOT

Kommt a maacht mat beim flotte Quizowend am Klouschtergaart an test Äert Wëssen.
Viraussetzung: Dir sidd eng Ekipp vu 4 Leit an op d'mannst ee vun der Ekipp wunnt an der Réiser Gemeng. Bei eis kritt Dir och eppes z'iessen an ze drénken.

**Mat Umeldung** an Ekippe vu 4 Leit **bis spéitstens den 11.07. per E-Mail** un **relationspubliques@roeser.lu** /
D'Plaze si begrenzt, déi éischt si vir. Dir kritt vun eis eng Confirmatioun, ob Dir ageschriwwe sidd.

Vendredi
**19.07.**
19:00
FOOD TRUCK

**Dauer:** 1,5 Stonnen

## Harmonie Municipale Réiserbann

*Concert*

HMR

D'Harmonie Municipale Réiserbann freet sech drop Iech kënnen
e flotte Concert ze presentéieren.

Samedi
**20.07.**
19:00
FOOD TRUCK

**Dauer:** 1 Stonn

## Loivós

*Concert*



LOIVÓS, eng post-emo alternativ Rockband aus Lëtzebuerg, presentéiert sech anhand dynamesch melodescher Songstruktur mat engem Set, dee fir di grouss Bün geschriwwe gouff a fir akkustesch Concerte reinterpretéiert ginn ass.

Bandmemberen: Gilles Dax, Michel Hubert, Christian Lage a Philipp Noppeney.

Mardi
**23.07.**
19:00

## Schatten über Diekirch

*Liesung vum Monique Feltgen*




Im Jahr 2013 entbrannte in Diekirch ein gewaltiger Streit, als das traditionelle Kreuz mit dem Hahn auf der alten katholischen Laurentius-Kirche durch einen Esel, das eigentliche Wahrzeichen der Stadt, ersetzt wurde. Aufgebrachte Bürger protestierten vehement gegen diese unerhörte Veränderung.

Zehn Jahre später wird Diekirch von einem kaltblütigen Mord an einem Mitarbeiter der Gemeindeverwaltung erschüttert. Dieses Verbrechen scheint die längst vergessene Geschichte des Hahns und des Esels wieder auf die Tagesordnung zu bringen.

Zusammen mit seiner Kollegin Sandra Biren und den Beamten der Polizeibrigade aus Diekirch wird er in einen Strudel mysteriöser Machenschaften gezogen.

Während er verzweifelt versucht, die Puzzleteile zusammenzufügen, muss er sich fragen: Hat er das wahre Motiv hinter den Verbrechen entdeckt oder wird er in die Irre geführt? Wird es ihm gelingen, die Wahrheit ans Licht zu bringen, bevor die Dunkelheit endgültig über die Stadt hereinbricht?

Tauchen Sie ein in diesen fesselnden Kriminalroman, der die düsteren Geheimnisse einer verschlafenen Stadt aufdeckt und die Ermittler an ihre Grenzen führt.

Mercredi
**24.07.**
18:00 - 22:00
FOOD TRUCK

## Peppange Sunset Style

*Afterwork mam DJ Miketronix*

MIKETRONIX

Genéisst e gemittlechen Afterwork-Event an der idyllescher Kuliss vum Klouschtergaart.
Loosst de Stress vum Alldag fir e puer Stonnen hannert Iech an enger entspaanter Atmosphär mat gudder Musek a flotte Gespréicher. Den DJ Miketronix suergt mat sengem Musekmix fir déi richteg Stëmmung.

Vendredi
**26.07.**
19:00
FOOD TRUCK

**Dauer:** 2x50 Minutten

## bmad

*Concert*



BMAD, och bekannt als Boogie Music Against Depression oder Blues Makes A Difference, gouf am Joer 2020 wärend der Pandemie als Duo gegrënnt, fir Freed ze bereeden a virun Depressioun ze schützen. Am Joer 2023 gouf BMAD zum Trio erweidert mam Christian Ries um Piano an am Gesang mat senger markanter Stëmm, mam Paulo Simões op der Gittar an mam Rob Schauls op der Batterie.

BMAD begeeschtert d'Publikum mat enger fesselender Mëschung aus Boogie-Woogie, Blues an zäitlosen Jazz-Klassiker souwéi mat originellen Eegekompositiounen. Hiren onverwiesselbare Sound weist däitlech Afléss vu geschätzte Musiker wéi de Louis Armstrong, Eddie Boyd, Jimmie Bell, Leroy Carr, John Len Chatman (Memphis Slim), Blind John Davis, Champion Jack Dupree, Eleanora Fagan (Billie Holiday), Eroll Garner, Sammy Price, Roosevelt Sykes an Fats Waller etc.

Christian Ries: Piano, Gesang; Paulo Simões: Gittar; Rob Schauls: Batterie

Samedi
**27.07.**
19:00
FOOD TRUCK

**Dauer:** 1,5 Stonnen

## Urban Attitude Unlimited

*HipHop Act mat lëtzebuergeschem Rap*



Urban Attitude Unlimited ass eng nei lëtzebuergesch HipHop-Plattform.
Hir Missioun ass et, d'Diversitéit an der Lëtzebuerger HipHop-Zeen ze erhéijen a jonk an al Talenter ze férderen.